N°611
Entrée le 15.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.04.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wunnengsbau & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

A menge parlamentaresche Froe n°3813 an 3927 hat ech op d'Situatioun vun Déierenbesëtzer um Wunnmarché opmierksam gemaach, wou et virkënnt, dass Locatairen verbuede kréien, fir een Hausdéier an hirer Wunneng ze halen, wann de Proprietär net domadder averstanen ass. Bei enger Locatioun kann de Proprietär d'Hale vun engem Hausdéier a senger Wunneng am Mietkontrakt explizitt verbidden. A verschiddene Fäll ass et souguer virkomm, dass Persoune mat Assistenzhënn virun de Choix komm sinn, hiren Hond, op Drock vun der Assemblée des Propriétaires, mussen ewechzeginn oder aus der Residence ze plënneren.

Déi vireg Regierung hat erkläert, hei net wëllen anzegräifen, fir d'Hale vun Déieren a Wunnenge speziell ze reegelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäert dës Regierung eppes ënnerhuelen, fir dass Leit mat Hausdéieren um Wunnmarché besser geschützt ginn a falls jo, wéi eng Piste wäert d'Regierung hei aschloen?

   Falls nee, wéi solle Leit, déi wéinst hiren Hausdéiere keng Locatiounswunneng kréien, sech uleeën, fir am Eeschtfall hiert Hausdéier net ewech mussen ze ginn oder aschléiferen ze loossen, well si soss den Daach iwwert dem Kapp verléieren?

2. Kann ee Proprietär och enger Persoun mat enger Beanträchtegung verbidden, fir een Assistenzhonnn a senger Wunneng ze halen, bzw. ass dat ee Grond fir ee Mietkontrakt ze kënnegen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung a vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil op d'parlamentaresch Fro n°611 vum 15. Abrëll 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend d' « animaux domestiques ».**

Am Moment huet d'Regierung net vir, eppes un de besteeënde Gesetzer an deem Beräich ze änneren.
E Proprietär vun enger Wunneng huet d'Recht, d'Hale vun Hausdéieren ze verbidden, wann hien seng Wunneng verlount.

D'Mietgesetz vum 21. September 2006 gesäit net vir, dass d'Hale vun engem Déier - wéi zum Beispill vun engem Assistenzhond - e Kënnegungsgrond ass. Op d'Hale vun engem Assistenzhond an enger verlounter Wunneng als en "m*otif grave et légitime*" ugesi ka ginn, fir e Mietkontrakt legal ze kënnegen - oder net -, hänkt sécherlech vun den Ëmstänn vum Fall of, a kann nëmme vum zoustännege Riichter festgestallt ginn.

D'Gesetz vum 22. Juli 2008 iwwert d'Zougänglechkeet vun ëffentlech zougänglechen Uerter fir Mënsche mat enger Behënnerung, déi vun Assistenzhënn begleet ginn, bezitt sech eenzeg op Transportmëttel, ëffentlech zougänglechen Uerter an Uerter mat kollektivem, ëffentlechem oder privatem Notze, souwéi Uerter, déi eng berufflech, ausbildend oder sozialpedagogesch Tätegkeet erméiglechen. D'Gemeinschaftsraim an enger Residence sinn deemno och vun dësem Gesetz betraff, mat Ausnam vun de Privatraim. Et ass awer wichteg ze betounen, dass d'Behënnerung an der aktueller Gesetzgeebung als ee vu siwen Diskriminatiounsmotiver unerkannt ass, opgrond vum Gesetz vum 28. November 2006 iwwert de Prinzip vun der Gläichbehandlung. Zu Lëtzebuerg gouf den „Centre pour l'égalité de traitement - CET" duerch dat ernimmte Gesetz vum 28. November 2006 geschafe fir, ënnert anerem, d'Gläichbehandlung vun alle Leit ouni Diskriminéierung baséierend op déi gesetzlech festgeluechte Motiver z'iwwerwaachen an z'analyséieren.

Wéi schonns an der Äntwert vum deemolege Wunnengsbauminister Henri Kox op d'parlamentaresch Fro n°3927 vum 24. Mäerz 2021 beschriwwen, gëllen *„dës Antidiskriminéierungsreegele [...] och am Kontext vum Zougank zu enger Wunneng*".

Lëtzebuerg, de 15/05/2024.
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch